N°2395
Entrée le 02.07.2025
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Justice

**Äntwert vun der Madamm Justizminister Elisabeth Margue ob d'parlamentaresch Fro N°2395 vum honorablen Deputéierten Marc Goergen.**

1. **Wéi vill Fäll sinn et an de leschte 5 Joer ginn, ventiléiert no état de santé physique an psychique, wou de Sproochentest am Kader zum Erhalt vun der lëtzebuergescher Nationalitéit net huet misse gemaach ginn ?**

De Justizministère féiert Statistiken iwwert d'Unzuel vun Dispense beim Sproochentest aus medezinesche Grënn zënter Januar 2022. Bis zum 15. Mee 2025 si 463 Kandidate vum Sproochentest dispenséiert ginn.

Et gi keng detailléiert Statistike pro Pathologie gefouert. Et kann een awer soen, datt déi psychesch Pathologien iwwerweien. Bei de physesche Pathologië sinn d'Dispensen haaptsächlech begrënnt duerch Kriibs, souwéi duerch Problemer beim Héieren, Kucken a Beweegen. Bei de psycheschen Pathologien handelt et sech meeschtens em eng posttraumatesch Belaaschtungsstéierung.

2. **A wéi ville Fäll huet de Minister eng expertise médicale veruerdent, esou wéi Gesetz et virgesäit am Zweiwelsfall?**

Fir Abusen ze verhënnen, ordonnéiert de Justizministère systematesch eng Expertise duerch ee spezialiséierte Medezinner un.

Lëtzebuerg, den 2. Juli 2025

D' Justizministesch

(s.) Elisabeth Margue